**Interventioune vun eiser Fraktiounsspriecherin Nadine Schares**

**Punkt 4B: Règlement-tarif concernant le prix d'un repas de la cantine scolaire pour le personnel communal**

Wor dat eng Demande vum Personal?
Wor eng Ëmfro gemaach ginn, wéi vill Leit intresséiert wieren?
Wéi laang am Viraus muss ee bestellen?
Zesummenaarbecht mat SEA?
Et gëtt an der Kiche vum SEA gekacht?
Dat heescht selwechte Menü wéi dat am SEA um Programm steet?

Dozou puer Froen:
De Menü vum SEA gëtt vu Sodexo opgestallt?
Wann ech mir eng Remarque duerf erlaben: an enger Zäit, wou d'Thema Iwwergewiicht bei de Kanner e grousse Problem ass.
D'Kanner kréien als Dessert ugebueden 1 Stéck Uebst. Firwat muss een zousätzlech nach en Donut, e fromage blanc sucré oder e Vanille pudding ubidden?
An d'Collatiounen bestinn aus Croissant, Gebeesseschmier, Laugenbrötchen oder Muffin.

Ech mengen do ginn et ganz aner Méiglechkeeten fir de Kanner e gesonden Snack oder Dessert ze ginn wéi déi Zockersaachen, déi kuerz den Honger stëllen an se duerno rëm an e Lach fale loossen.
Vläicht kann een do emol eng Diététicienne mat bäihuelen. Et geet ëm d'Gesondheet vun eise Kanner.

**Punkt 5E: Convention „Meng Gemeng lieft Sport"**

Am Hierscht 2024 wor ech an eng Informatiounsversammlung vum Syvicol, wou de Sportminister de coordinateur sportif virgestallt huet. Dee Moment goufen et 8 coordinateurs sportifs fir 11 Gemengen.
Am Dezember 2024, am Budget hat ech dee Projet ugeschwat. Dunn krut ech gesot, dass et am SEA e Sportskoordinateur gëtt an dass d'Gemeng an d'Kommissiounen jo villes organiséiert a koordinéiert.
Dëst Joer am Budget hunn ech dat Thema nach emol ugeschwat, well et mir wierklech wichteg ass. A well mir an eisem Walprogramm eng änlech Hëllef drastoen haten. Dunn ass sou duerchgeklongen, dass Dir am gaang wäert mat kucken, wat méiglech wier, well dir net onbedéngt ee wéilt astellen, mee engem déi Aufgab ginn, dee schonn op der Gemeng schafft.

Lo hutt dir déi Conventioun ënnerschriwwen.
Ech si frou iwwer dee Mentalitéitswiessel. Et ass jo net fir d'éischt, dass Iddien vun eis fir d'éischt mol verworf an als net noutwendeg dohigestallt ginn an dann 1-2 Joer duerno sinn se op emol gestëmmt.
Mee ech hoffen dass d'Konzept derhannert och richteg verstane ginn ass. Ech hat nämlech am Ufank deen Androck, dass déi Iddi belächelt ginn ass: „Dat brauchen mir net, mir ginn sou eens."

Mee et geet jo net nëmmen drëm, d'Veräiner, den SEA an d'Coure vun der Gemeng ze koordinéieren.
D'Charte heescht net ëm soss: Meng Gemeng lieft Sport!

Et soll e kooperatiivt Netzwierk entstoen, fir 3 wichteg Elementer ze analyséieren: d'Acteure, déi u kierperlecher a sportlecher Aktivitéit bedeelegt sinn, d'Offer an d'Infrastruktur.
Eng Analyse soll hëllefen:

- déi bestoen Offer ze harmoniséieren,
- bei Bedarf Initiativen weider ze entwéckelen,
- de Bierger e gläichberechtegten Zougang zu den Offeren ze garantéieren,
- eng strategesch Entwécklung vun der Infrastruktur,
- eng Stäerkung vun den organisatoresche Kapazitéite vun der Sportsbeweegung.

An mengen Aen puer Fakten, déi wichteg sinn a wou mol iwwer den Tellerrand muss erausgekuckt ginn an net einfach sou weidermaachen, wéi et bis lo ëmmer wor. Mee sech mol op nei Saachen aloossen. Dofir muss een sech puer Froen stellen:
Fir wie bidde mir momentan Sport un? Wéi eng Alterskategorie kënnt vläicht ze kuerz? Firwat ass et net machbar, trotz Asaz an Hëllef vun Elteren, fir en Turncours fir kleng Kanner an de Programm opzehuelen?
Sinn d'Auerzäiten ugepasst? Oder kéint ee vläicht méi an der Mëttesstonn ubidden?
Net fir all Cours brauch een eng Sportshal. Wat hu mir soss vu fräie Säll oder Alternativen dobaussen?
Muss eis Piscine wierklech all Moie just fir d'Schoulen reservéiert sinn? Oder kann ee vläicht op 1-2 Moienter 2 Couloiren fir de Public/d'Steierzuelerten opmaachen?
Wat kann ee fir déi Jugendlech an Erwuesse maachen, déi keng Veräinsmënsche sinn an awer Equippesport wëlle praktizéieren?

Dat sinn just puer Froen.
Dat ganzt Sport- a Beweegungskonzept geet vill méi wäit. Do kann ee mat u Bord huelen: Crèchen, d'Schoulen, SEA, LASEP, Jugendhaus, Jugendveräiner, Sportsveräiner, Veräiner allgemeng, Club am Schlass, Altersheem a bestëmmt nach vill méi.
Ech géif mech freeën, wann een dat Gaanzt kéint oppen ugoen a bereet wier, op Leit ze lauschteren, déi sech auskennen, an net nëmmen hannert zouenen Diere schafft.
Et geet ëm Fräizäitsport, Gesondheetssport, Konkurrenzsport an awer och Veräinssport, dee vun engem coordinateur sportif vläicht ka verstäerkt ënnerstëtzt ginn.

Beweegung ass wichteg fir déi kierperlech genausou wéi och fir déi mental Gesondheet, awer och fir de sozialen Zesummenhalt. Wäerter vu Respekt, Inklusioun a Solidaritéit gi gestäerkt.
Fir eng gesond an aktiv Gesellschaft ze hunn, geet et oft mat Beweegung a Sport eleng awer net duer, vläicht kann een e klengen Schrëtt méi wäit goen a Begrëffer wéi Preventioun, Ernährung, Sensibiliatiounskampagnen mat lancéiren. Fir mech gehéiert dat, wann ee vu Sport a Gesondheet schwätzt, zesummen. Diddeleng huet do e flott Konzept.

An der Conventioun steet „recruter un coordinateur sportif à plein temps“ : wéi gitt dir dat un ?
Et gëtt geschwat vun den „qualifications et compétences nécessaires“. Wat ass dann do konkret gefrot ? E soll jo och e „programme d'accompagnement et de formation“ matmaachen vum Staat.
Gëtt lo een agestallt ?
Mat allem, wat ze maachen ass, ass dat keng Aufgab, déi dir engem vun de Salarié einfach nach zousätzlech kënnt opbrummen!